



Luxembourg, le **16 FEV. 2021**

**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**

**Service Central de Législation
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3426 du 12 janvier 2021 de l'honorable député Monsieur André Bauler, concernant l'horaire de la ligne RGTR 555, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op
d'parlamentaresch Fro n° 3426 vum 12. Januar 2021 vum honorablen Deputéierten André Bauler
betreffend d'Linn 555 op Dikrech**

Jo, ech sinn informéiert, dass am neien Fuerplang d'Linn 555 direkt op Ettelbréck fiert an Dikrech net méi usteiert. D'Linn 555 erméiglecht Korrespondenzen zu Ettelbréck Gare mam Zuch Richtung Stad Lëtzebuerg. Meng Servicer kruten awer just vereenzelt Kritiken, dass Dikrech net méi vun der Linn 555 ugefuer gétt. Eng Méiglechkeet weider op Dikrech ze kommen ass um Schinker, wou eng Korrespondenz mat der Linn 137 besteet.

Aktuell ass et net virgesinn zousätzlech Busser fir den Schülertransport anzesetzen. De Schoultransport wäert och an Zukunft gesonnt vum RGTR organiséiert ginn. Sou gétt erméiglecht de Besoin'en vun de Schoulen an de Schüler nach besser entgéint ze kommen. Et muss een awer och betounen, dass et aktuell vun Dikrech aus e Schoultransport gétt. Ech weess, dass d'Horaire vun deene verschiddene Schoulen net ëmmer koordinéiert sinn an dass de Schüler hir reell Zäiten sech och alt vun deenen offiziellen ënnerscheeden. Et ass awer esouwuel aus finanziellen wéi och aus organisatoreschen Ëmstänn net méiglech all eenzelne Fall mat engem dediéierte Schoultransport ofzedecken. Dësen Transport gétt vum regulären RGTR Réseau ofgedeckt, wat bedeite kann, dass ee muss ëmklammen oder och eemol méi laang oder méi kuerz Fuerzäiten huet.

Am Moment ass et net virgesinn de Fuerplang vun der Linn 555 unzepassen. Ofgesinn vun der Korrespondenz op d'Linn 137 ass d'Offer tëscht Ettelbréck an Dikrech extrem attraktiv. Sou huet een zum Beispill Moies tëscht 7 an 8 Auer eng 15 Méiglechkeeten fir vun Ettelbréck a maximum 8 Minuten ze kommen. Ier ee Bilan kann zéie muss een dem neie Linneverlaf och eng Chance ginn. Wann een dann no enger gewësser Zäit mierkt, dass op engem Tracé effektiv Verbesserungsbedarf besteet, wäert ech dofir suergen, dass nogebessert gétt.